

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*D'Ackerbauschoul kritt eng nei Adress*", deen den 9. August um Zitt vun RTL publizéiert gouf, heescht et, datt an enger fréierer Phase mat der Erëffnung vum neie Gebai vun der Ackerbauschoul och en Internat geplangt war, mee, datt dës Iddi schlussendlech net ëmgesat gouf, obwuel eng kloer Nofro do ass. Et ass dovun auszegoen, datt dës Nofro net zulescht aus dem Ëmstand resultéiert, datt dee lo just genannte Lycée eng Rei spezialiséiert Formatiounen ubitt, awer fir vill Schüler aus anere Regiounen vum Land, nëmme schwéier ze errechen ass.

An deem Zesammenhang géife mir dem Här Schoulminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister elaboréieren, firwat d'Iddi vun engem Internat fir d'Ackerbauschoul schlussendlech net zeréckbehale ginn ass?
- 2) Wéi gedenkt den Här Minister op dee Probleem ze reagéieren, datt verschidde Schoule mat spezialiséierte Formatiounen, laut deem uewen zitéierten RTL-Artikel zum Beispill och d'Hotelsschoul fir vill Schüler jee no Hierkonftsregioun ganz schwéier ze erreche sinn?
- 3) Gesäit den Här Minister d'Gefor, datt ze laang Trajeten sech negativ op d'Leeschtung vun deene betrouffene Schüler kënnen auswierken? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 13 septembre 2021

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L - 2338 Luxembourg

Concerne : question parlementaire n° 4848 des Députés Fred Keup et Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse commune, des ministères impliqués, à la question parlementaire posée par les honorables Députés Fred Keup et Jeff Engelen.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro Nr. 4848 vun den Hären Deputéierte Fred Keup a Jeff Engelen

D'Iddi vun engem Internat bei der Ackerbauschoul (LTA) ass aus follgende Grënn net zeréckbehale ginn. Am Moment gëtt dat privat Internat Jacques Brocquart zu Dikrech virun allem vu Schüler aus der École d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg (EHTL) benotzt. Et huet sech awer erausgestallt, datt dëst Internat duerch déi ënnerschiddlech Auerzäite vun de Studenten, déi dacks bis spéit an den Owend hirer Ausbildung noginn, oder déi duerch laang Stagen am Ausland sinn, net ideal fir dës Schüler sinn.

Dofir well d'Regierung gären op de Wee goen, fir direkt nieft der EHTL eng Struktur mat Jugendwunnengen ze schafen, notamment fir d'Schüler vun der Hotelschoul. Dat géif bedeuten, datt d'Internat Jacques Brocquart kéint haaptsächlech vun de Schüler aus der Ackerbauschoul benotzt ginn, wat mat sech bréngt, datt d'Ackerbauschoul selwer keen eegestännegt Internat méi brauch. Wat d'Hotelschoul zu Dikrech betrëfft, sief ze ënnersträichen, datt d'Regierung och aktiv dobäi ass, fir d'Méiglechkeet vun engem zweete Standbeen fir d'EHTL am Süde vum Land ze analyséieren.

Déi Lycéeën, déi eng spezial Formatioun ubidden, verfüge quasi alleguer iwver een Internat. Dëst soll et de Schüler erlaben, direkt niewent hirer Schoul ze wunnen an d'Transportweeër op ee Minimum ze reduzéieren. Als Beispill kann een de Sportlycée an der Stad nennen, deen um Fetschenhaff een Internat huet. Doriwwer eraus gëtt och den Neibau vum Sportlycée zu Mamer mat engem eegenen Internat geplangt. Dat selwecht zielt fir de Lycée Technique pour Professions de Santé (LTPS) zu Stroossen, deen och mat engem Internat geplangt ginn ass, dat fir dës Schoulreentrée opgeet. Grad esou wéi de Lycée Technique pour Professions Éducatives et Sociales (LTPES) zu Miersch, deen och zënter Jore mat engem Internat funktionéiert.